



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **drénglech** Fro un den Här Educationminister weiderzeleeden.

An deene meeschte Berufsausbildunge sinn d'Schüler zum Deel an der Schoul an zum Deel am Ausbildungsbetrieb. De Wieder vum Educationminister no huet all Schüler d'Recht op Bildung, och wann e sech net wëll impfe loossen.

En net geimpfte Schüler, deen amgaang ass, e Beruff ze léieren, riskéiert awer, dëst Recht op Bildung ze verléieren, wann e sech déi zertifizéiert Schnell-Tester net ka leeschten. Menger Informatiounen no gëtt et nämlech dann elo e Fall, wou sou e Schüler muss ophalen, well en déi zertifizéiert Tester net ka bezuelen an sou d'Konditioun net erfëllt, fir beim Patron ze schaffen.

Virum Hannergrond vun enger eventueller Benodeelegung vun dëse Schüler an der Berufsausbildung par Rapport zu hiren Kolleegen, déi 100 Prozent vun hire Schoulstonnen an der Schoul verbréngen, wëllt ech folgend Froen un den Här Educationminister stellen :

- Wéi positionéiert sech den Här Educationminister par Rapport zum beschriwwene Fall an der Tatsaach, dass Schüler an der Berufsausbildung déi noutwenneg zertifizéiert Tester mussen bezuelen ?
- Wéi eng Mesuren plangt den Här Minister ze huelen, fir dass och net geimpfte Schüler aus der Berufsausbildung hiert Recht op Bildung an der Praxis zu 100 Prozent kënne wouer huelen ?
- Ass den Här Minister gewëllt, de Schüler aus der Berufsausbildung gratis zertifizéiert Tester zur Verfügung ze stellen ?
- Wa jo, vu wéini un an iwwer wéi e Wee ?
- Wann net, firwat net ?
- Oder ass den Här Minister gewëllt, d'Schnelltester aus der Schoul fir d'Berufsausbildung unerkennen ze loossen ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzuhuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspräsidentin



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 5402 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen

D'Gesetz vum 16. Dezember 2021 preziséiert, datt souwuel Stagiairë wéi och Léierjongen a Léiermeedercher sech mussen am Betrib un den 3G-Regime am Kader vum CovidCheck halen.

Den Apprenti an de Stagiaire sinn am Artikel 1 Punkt 31 vum modifiéierte Covid-Gesetz vum 17. Juli 2020 definéiert: *“« salariés » : les salariés tels que définis à l'article L. 121-1 du Code du travail, ainsi que les stagiaires, les apprentis et les élèves et étudiants occupés pendant les vacances scolaires”*. Deemno ënnersti si am Betrib dësem Gesetz, sou wéi si och all aner Sécherheetsreglementer musse respektéieren.

Gratistester fir d'Salariée sinn net virgesinn, sou datt dat och fir d'Apprentië gëllt.

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH